N°6065
Reçue le 16.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes an dem Transportminister a Minister fir ëffentlech Bauten François Bausch op d'parlamentaresch Fro n° 6065 vum 14. Abrëll 2022 vun den honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser an Fred Keup

Déi honorabel Deputéierten stellen Froen mat Bezuch op en eventuellen Verkaf vun der BIL hirer Participatioun vun 13,14% am Kapital vun der Luxair.

D'Bank huet an der Press confirméiert, dass keng Décisioun geholl gouf wat den Verkaf vun däer Participatioun ugeet.

Am Fall wou d'Bank, déi regelméisseg hir Investissementer a Participatiounen iwwerpréift, hir Participatioun an der Luxair verkafen wéilt, hätten de Staat an all aner Aktionären vun der Luxair en Virkaafsrecht. Den Staat positionéiert sech zu deem Sujet falls eng offiziell Démarche an deem Sënn ënnert den Statuten vun der Luxair géif gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 15. Mee 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes